N°4582
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°4582 vum 8. August 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwert "Conduite autonome"**

1. Kann d'Regierung bestätegen, dass den Artikel 39, Paragraf 5, vum EU-Reglement 2018/858 Lëtzebuerg d'Méiglechkeet gëtt, fir eng provisoresch Homologatioun vun der RDW fir FSD Supervised um nationalen Territoire z'akzeptéieren, wärend d'Examensprozedur um europäeschen Niveau nach leeft?

Jo. Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4251 präziséiert gouf, huet déi provisoresch Geneemegung vun der hollännescher Homologatiounsautoritéit RDW keng automatesch juristesch Auswierkung zu Lëtzebuerg. Geméiss Artikel 39, Paragraf 4, vum Reglement (EU) 2018/858 ass dës Geneemegung provisoresch a prinzipiell op den Territoire vum Memberstaat limitéiert, deen se ausgestallt huet.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4251 ausgefouert gouf, handelt et sech dobäi ëm eng fakultativ Méiglechkeet an net ëm eng automatesch oder obligatoresch Unerkennung. Déi an där Äntwert beschriwwe juristesch, technesch a sécherheetsrelevant Consideratiounen souwéi den aktuelle Stand vun den Analysen bleiwen onverännert a weiderhi valabel.

Wéi schonn an der Äntwert op d'Fro 4251 ënnerstrach gouf, steet "d'Decisioun op europäeschem Niveau fir déi ganz EU [...] nach aus, an et muss do notamment gekläert ginn op dës Astufung vum System och wierklech am Sënn vum aktuellen regulatoreschen Kader ass.  Ech betounen, datt dës Decisioun a groussem Mooss vun der Evaluatioun op europäeschem Niveau ofhänkt, notamment vun der Bewäertung duerch d'Europäesch Kommissioun souwéi vum fachlechen Austausch am Gremium Technical Committee on Motor Vehicles (TCMV) tëscht de Memberstaaten.

Ech wëll an deem Zesummenhang och drop hiweisen, datt eng koordinéiert Approche um Niveau vun der Europäescher Unioun essentiell ass, fir eng kohärent Uwendung vum rechtleche Kader an en héijen Niveau vun der Stroossesécherheet ze garantéieren. Déi zoustänneg Servicer vu mengem Ministère suivéieren dofir d'Aarbechten op europäeschem Niveau enk, besonnesch am Kader vum TCMV, souwéi déi technesch Analysen iwwert d'Verhale vun dëse Systemer am reelle Stroosseverkéier. D'EU wäert virrausichtlech nach bis Enn des Joers hir definitiv Décisioun dozou huelen.

2. Géif esou eng Unerkennung eng zousätzlech national gesetzlech Basis verlaangen oder kéint dës Entscheedung als administrativ Decisioun vun der zoustänneger Homologatiounsautoritéit am Kader vum Artikel 39, Paragraf 5, geholl ginn?

Wéi an der Äntwert op déi éischt Fro erkläert, geet et am virleiende Fall ëm d'Unerkennung vun enger provisorescher Geneemegung am Sënn vum Artikel 39, an net ëm d'Unerkennung vun enger definitiver EU-Typgeneemegung.

Artikel 39, Paragraf 5, vum Reglement (EU) 2018/858 stellt selwer déi europäesch Rechtsgrondlag duer, déi et de Memberstaaten erlaabt, eng vun engem anere Memberstaat accordéiert provisoresch

Geneemegung op hirem Territoire unzeerkennen. Well en EU-Reglement direkt uwendbar ass, ass keng zousätzlech national gesetzlech Bestëmmung néideg, déi dës Méiglechkeet als solch virgesäit.

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes